N° 8170
Entrée le 20.07.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.07.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 20. Juli 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Géintiwwer der Press huet den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend sech dëser Deeg zefridde mam Pilotprojet ronderëm d'Alphabetisatioun vu Schüler op Franséisch am Cycle 1 an der Grondschoul gewisen. Him léich um Häerz, dass een de Projet spéiderhi verallgemengere kéint. De Feed-back wier jiddefalls positiv, heescht et vu Säite vum Script (Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques).

Éier et zu enger Auswäitung vun der Alphabetisatioun op Franséisch mat Bléck op d'Rentrée 2026/2027 kënnt, soll de Lucet (Luxembourg Center for Educational Testing) de Pilotprojet via Questionnairen un d'Elteren, standardiséiert Epreuven a Reflexiounsgruppen auswäerten, heescht et. Éischt Resultater sollen 2024 virleien, an e méi approfondéierten Tëschebilan soll laut Site vum Ministère 2026 erauskommen.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten:

- Kann den Här Minister mech am Detail driwwer informéieren, wouranner déi Questionnairen un d'Elteren an déi standardiséiert Epreuve wäerte bestoen a wat an deene Reflexiounsgruppe konkret wäert ugeschwat ginn?
- Wéi eng Kompetenze vun de Kanner ginn evaluéiert?
- Wéi gëtt d'Objektivitéit vun dëser Evaluatioun garantéiert?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Co-Fraktiounspresidentin

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 8170 vun der honorabeler Deputéierte Martine Hansen**

De Pilotprojet „Zesumme wuessen! – Alphabetiséierung op Franséisch" gëtt vum LUCET (Luxembourg Centre for Educational Testing) am Laf vun deenen nächste Joren am Kader vum nationale Schoulmonitoring, de längsschnëttlech ugeluechten Épreuves Standardisées (kuerz ÉpStan), wëssenschaftlech begleet. Dofir ginn d'ÉpStan och an deenen nächste Jore kontinuéierlech ausgebaut.

An de franséische Pilotklassen am éischte Joer vum Cycle 2 ginn, genau wéi an deene Klassen, déi op Däitsch alphabetiséiert ginn, Tester zum lëtzebuergeschen Héierverstoen an zur Mathematik duerchgefouert. Well an de franséische Pilotklassen den Accent net um Däitschen, mee um Franséische läit, ginn zur Erfaassung vun de Virleeferfäegkeete vun der Alphabetiséierung op Franséisch follgend zwee zousätzlech ÉpStan-Tester duerchgefouert:

- *compréhension de l'oral en français ;*
- *premiers pas vers l'écrit.*

Esou wéi fir déi aner ÉpStan-Tester, ginn dës konzeptuell änlech Tester vu Fuerscher an Enseignanten zesummen an Aarbechtsgruppen entwéckelt.

Nieft de Kompetenztester wäerten d'Schüler aus dem Pilotprojet och déi existéierend ÉpStan-Questionnairen zur Motivatioun, fir op Franséisch ze léieren, ausfëllen. D'Elterequestionnairen, wéi et se haut gëtt, ginn net just duerchgefouert, mee och erweidert (zum Beispill am Bezuch op d'Aart a Weis, wéi Elteren hir sproochlech Méiglechkeeten aschätzen, hir Kanner an hirem schoulesche Léieren ze ënnerstëtzen).

Schliisslech wäerten och Reflexiounsgruppen an d'Liewe geruff ginn, an deene sech mat den Elteren iwwer d'Wuelbefanne vun de Kanner an d'Méiglechkeete vun den Elteren, fir de Léierprozess ze ënnerstëtzen, berode gëtt.

Fir méi Informatiounen zum Pilotprojet invitéiere mir Iech, den Internetsite https://alpha.script.lu ze consultéieren.

Fir d'Objektivitéit ze garantéieren, gouf en externe Partner mat der Etude beoptraagt.

Lëtzebuerg, den 29. August 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH